1-2021-O-M-6921-01 (n°3748)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2022

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Lëtzebuerger Regierung 2018 een Aarbechtsgrupp agesat hat, dee sech mat der Ëmsetzung vun 21 Recommandatioune vum Groupe d'Etats contre la corruption (GRECO) beschäftege sollt;
- zu dësem Aarbechtsgrupp och Memberen aus dem Staatsministère gehéiert hunn, déi domat beoptraagt goufen, een *"avant-projet de Code de déontologie applicable aux membres du gouvernement et aux hauts fonctionnaires"* auszeschaffen;
- 2019 zwee Texter virlouchen: een neien Deontologieskodex fir d'Regierungsmemberen an een anere fir déi héich Regierungsbeamten;
- dës zwee Dokumenter den 20. Dezember 2019 vum Regierungsrot approuvéiert an dunn un de GRECO geschéckt goufen, deen dës Texter evaluéiere sollt;
- an dësem neien Deontologieskodex net virgesinn ass, d'Modalitéiten am Zesummenhank mat der Ernennung an der Zesummesetzung vum Comité d'éthique ze änneren;
- déi dräi Membere vum Comité d'éthique och weiderhin vun der Regierung ernannt ginn an domat der Kontroll vum Parlament entzu sinn;

ass sech bewosst, datt

- beim Ausschaffe vum zukünftegen Deontologieskodex keng Efforten ënnerholl goufen, fir den Androck ze verwëschen, d'Regierung wier just un enger Kontrollinstanz intresséiert, déi si selwer kontrolléiere kann;

fuerdert d'Regierung op sécherzestellen, datt an Zukunft:

- d'Chamber an d'Ernennung vun de Membere vum Comité d'éthique mat agebonne gëtt;
- d'Membere vum Comité d'éthique politesch neutral sinn;
- de Comité d'éthique vun all Deputéierten ugeruff ka ginn an datt all Avis vum Comité d'éthique, an net nëmmen déi negativ (Arrêté grand-ducal du 14 novembre 2014 fixant les règles déontologiques des membres du Gouvernement et leurs devoirs et droits dans l'exercice de la fonction. Texte coordonné au 18 janvier 2018 : *« L'avis du comité d'éthique peut être rendu public par le Gouvernement. Si le comité d'éthique constate un manquement à l'arrêté grand-ducal, son avis sera obligatoirement rendu public par le Gouvernement. »*), publizéiert muss ginn.

Fernand Kartheiser

**ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**